# Pressecommuniqué

16. Juni 2025

DEMOKRATESCH PARTEI

2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg

Tel. : 22 10 21
Fax : 22 10 13

secretariat@dp.lu
www.dp.lu

**D'DP begréisst ausdrécklech, datt de Radiologiezentrum op der *Cloche d'Or* an den nächste Méint wäert kënne Patienten empfänken.**

D'Assuréen erwaarden sech nämlech méi eng grouss Offer ouni laang Waardezäite bei IRM a Mammographie. All Dag zielt, an a ville Fäll brauch et eng präzis Diagnos fir déi richteg Behandlung.

Am Koalitiounsaccord hunn d'DP an d'CSV méi medezinesch Servicer an eng gréisser Offer un Analysen an den Dokteschcabinete festgehalen. Dokteren, respektiv Doktere mat de Spideeler, musse kënnen deementspriechend d'Initiativen huelen. Dat ass nëmme méiglech, wann d'Spidols- an d'Dokteschgesetz geännert ginn.

Dobäi sollen d'Dokteren – gutt organiséiert a Gesellschaften – an dëse multidisziplinäre Cabineten och kleng chirurgesch Agréffer, z.B. Katarakt-OPen un den Aen, Routine-Endoskopien, wéi z.B. präventiv Daarmspigelungen, an natierlech Röntgen, Mammographien, Osteodensitometrien an IRMen duerchféiere kënnen. Eng nei Finanzéierung vun de Cabineten iwwert den Dokteren hir Nomenclature mécht dat méiglech, a kann an engems déi strapazéiert Spidolsbudgeten entlaaschten.

**D'DP ënnerstëtzt dës Reform fir eng besser medezinesch Versuergung an e méi séieren Zougang zum Dokter. Mir maachen eis weider dofir staark, datt d'Gesondheet zu Lëtzebuerg eng Prioritéit bleift.**

# Communiqué de presse

16 juin 2025

DEMOKRATESCH PARTEI

2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg

Tel. : 22 10 21
Fax : 22 10 13

secretariat@dp.lu
www.dp.lu

**Le DP salue expressément le fait que le centre de radiologie à la *Cloche d'Or* pourra accueillir ses premiers patients dans les mois à venir.**

Les assurés attendent en effet une offre de soins renforcée, notamment pour des examens d'IRM ou de mammographie, sans devoir subir de longs délais d'attente. Chaque jour compte, et dans de nombreux cas, une prise en charge adéquate dépend d'un diagnostic précis et rapide.

Dans leur accord de coalition, le DP et le CSV se sont engagés à élargir l'offre de services médicaux et d'analyses dans les cabinets. Il est essentiel que les médecins, ou les médecins en collaboration avec les hôpitaux, puissent prendre les initiatives nécessaires en ce sens. Cela ne sera possible que si les lois hospitalières et médicales sont adaptées en conséquence.

Les médecins – organisés en sociétés – devraient pouvoir, dans ces cabinets multidisciplinaires, réaliser également de petites interventions chirurgicales, telles que les opérations de la cataracte, des endoscopies de routine, comme des coloscopies préventives, ainsi que des examens radiologiques, mammographies, ostéodensitométries et IRM. Une nouvelle forme de financement de ces cabinets, via la nomenclature des actes médicaux, permettra cette évolution tout en contribuant à soulager les budgets hospitaliers déjà fortement sollicités.

**Le DP soutient pleinement cette réforme, qui vise une prise en charge médicale plus efficace et un accès plus rapide aux soins. Nous restons parfaitement engagés pour que la santé demeure une priorité au Luxembourg.**